N°1419
Entrée le 24.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 24.10.2024

LSAP

Monsieur Clause Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 23. Oktober 2024

Här President,

sou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Digitaliséierung an den Här Staatsminister weiderzeleeden.

Laut mengen Informatioune waren de 23. Oktober sämtlech Internetsitte vum Staat kuerz virun der Mëttesstonn net méi zougänglech. Dëse Virfall huet méiglecherweis de Fonctionnement vun den ëffentlechen Déngschter beaflosst.

An deem Zesummenhang wéilte mir follgend Froe stellen:

1. Kann d'Regierung dës Informatioun bestätegen?
2. Handelt sech hei ëm Cyberattacken? Wa jo, ëm wéi eng Zort vun Attacken huet et sech hei gehandelt a wéi eng Mesure sinn hei geholl gi fir de Problem ze behiewen ? Wann net, goufen technesch Problemer oder Feeler an der Infrastruktur identifizéiert a behuewen?
3. Wéi eng weider Mesure si geplangt, fir änlech Ausfäll an Zukunft ze verhënneren? Ginn et speziell Preventiounsstrategien am Beräich vun der Cybersécherheet, déi ugepasst ginn?
4. Denkt d'Regierung driwwer no fir KI-Technologien anzesetze fir d'Netzverkéier an der Echtzäit kënnen ze analyséieren an den Trafick déi vun Norm ofwäicht, wéi bei DDos-Attacken, ze ënnerbannen?
5. Gedenkt d'Regierung seng Kommunikatioun mat der Ëffentlechkeet bei sou Incidenten ze verbesseren, fir séier an transparent Informatiounen iwwert d'Ursaachen an déi ënnerholl Mesuren ze vermëttelen?

Mat déiwem Respekt,

Ben Polidori
Deputéierten

Liz Braz
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu